I-2015-O-M-4884-01 (2671)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Depot : Här Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2016

# MOTIOUN

D'Deputéierte-Chamber

stellt mat Erstaune fest

- datt en Dënschdeg, den 28. Juni, de President vun der Europäescher Kommissioun bekannt ginn huet, datt déi Europäesch Kommissioun et net fir néideg hält, de Fräihandelsaccord mat Kanada („AECG/CETA") als „accord mixte" ze betruechten.

erënnert drun

- datt d'Chamber de 7. Juni eng ëffentlech Debatte iwwer dësen Accord gefouert hat;
- datt an dëser Sëtzung all Parteien sech kloer dofir ausgeschwat hunn, datt dësen Accord als „accord mixte" muss betruecht ginn, an datt dowéinst och déi national Parlamenter mussen dësen Accord fir eng eventuell Ratifizéierung virgeluegt kréien;
- datt dobäi d'Chamber, mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen, eng Motioun ugeholl huet, déi ënner anerem d'Regierung invitéiert « à persister au sein du Conseil sur le caractère mixte de l'accord AECG/CETA afin de garantir aux parlements nationaux leur mot à dire en ce qui concerne la ratification » ;
- datt d'Lëtzebuerger Regierung sech engagéiert huet, fir dës Motioun ëmzesetzen a fir sech an den europäeschen Institutioune fir den „accord mixte" anzesetzen.

invitéiert dowéinst d'Regierung

- der Europäescher Kommissioun kloer an däitlech matzedeelen, datt Lëtzebuerg fuerdert, den Accord mat Kanada als „accord mixte" ze deklaréieren;
- dës Decisioun innerhalb vum Europäeschem Rot an aller Däitlechkeet ze verdeedegen;
- Moossnamen anzeleeden, fir den Traité iwwert d'Europäesch Unioun op dëse Punkten änneren ze loossen:
    - datt international Accorden nëmmen nach opgrond vun engem Mandat an ënner permanentem Matwierken vun alle Memberstaaten vun der Europäescher Kommissioun am Numm vun der Unioun däerfe verhandelt ginn;
    - datt en internationalen Accord dee vun der Kommissioun am Numm vun der Unioun verhandelt gouf nëmmen nach dann däerf a Kraaft trieden, wann e vun allen nationale Parlamenter aus de Memberstaaten ratifizéiert ass an datt domat déi Konzepter vun enger "exklusiver europäescher Kompetenz" an engem "provisoreschen Akraafttrieden" ofgeschaaft ginn.

F. Kartheiser